ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°5293 schreiwen d'Madamm Ministesch an den Här Minister: "Tatsächlech plangt d'CFL, als Gestionnaire vun der Eisebunnsinfrastruktur am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch, d'Ofrappe vun dësem fréiere Barrièreshaus", also dem Gebuertshaus vum Aloyse Kayser.

D'a.s.b.l. "Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch" huet an enger Matdeelung vum 25. Januar erkläert, dass de Schäfferot hinne matgedeelt huet, dass bis elo keng Ufro vun der CFL, fir dat kulturhistorescht Bauwierk ofzerappen, op der Gemeng ukomm wier an dass de Buergermeeschter op Nofro hi betount hätt, dass hien och keng Autorisatioun fir d'Ofrappe vun dësem wichtegen Zäitzeie géif ginn.

De Buergermeeschter vun der Gemeng Miersch huet an der Gemengerotssëtzung vum 24. Januar 2022 seng Aussoen nach eng Kéier bekräftegt an nach eng Kéier kloergestallt, dass un d'Gemeng keng Ufro, fir dat seelent a protegéiert Barrièreshaischen ofzerappen, geriicht ginn ass an dass hien och keng Autorisatioun dofir wäert ausstellen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister an un d'Madamm Minister:

1) Hunn den Här Minister an d'Madamm Minister, respektiv déi staatlech Administratiounen, Kontakt mat de Gemengeverantwortlechen vu Miersch gehat iwwert de Sujet vum Ofrappe vum fréiere Barrièreshaus?
2) Ass dozou een Accord vun der Gemeng Miersch ugefrot ginn? Wa jo, gëtt et dozou een Accord vun der Gemeng Miersch? Wann net: Op Basis vu wéi enge Fakten erklären d'Madamm Ministesch an den Här Minister an hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°5293, dass d'Ofrappen „am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch" géif geschéien?
3) Fir de Fall, wou d'Gemeng sech géint d'Ofrappe wiert an et keen Accord gëtt: Wéi wäerten déi zoustänneg Ministeren da virgoen, wat d'Zukunft vum Barrièreshaus betrëfft?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten